



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 16 novembre 2020

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

REÇU
Par Alf Christian, 16:34, 16/11/2020

Le Ministre des Classes moyennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet: Question parlementaire no 3106 du 6 novembre 2020 de Monsieur le
Député Marc Goergen

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire
sous rubrique.

Le Ministre des Classes moyennes,

Lex Delles

Äntwert vum Här Lex Delles, Minister fir Mëttelstand, op déi parlamentaresch Fro n°3106 vum 6. November 2020 vun dem éierbaren Deputéierte Marc Goergen

1. Verschidde Formatioune gi vun de Centre de compétences proposéiert, am Endeffekt dann awer net organiséiert, wëll eng gewëssen Unzuel u Participanten net erreicht ka ginn.

Wat ass d'Mindestzuel un Léit, déi sech musse mëllen, fir dass eng Formatioun organiséiert gëtt?

Fir technesch oder net-technesch Formatioune kennen ze organiséieren, läit d'Mindestzuel u Particiante bei 4, dëst aus Käschtegrënn. Virun der COVID-19 Pandemie hunn d'Centres de compétences technesch Formatioune mat bis zu 8 Participanten, an net-technesch Formatioune mat bis zu 12 Participanten ofgehalen.

Säit der COVID-19 Pandemie ass déi maximal Unzuel u Particiante bei Formatiounen op 6 Persounen erfogsat ginn. Zousätzlech gëtt op méi grouss Atelieren zeréckgegraff, fir de Social Distancing ze garantéieren. Während de Formatiounen ass d'Droe vun engem Mask selbstverständlech obligatoresch.

Wéi steet de Minister zu der Iddi, dass verschidde Formatiounen, och wann se déi néideg Unzuel u Participanten net errechen, no enger gewëssen Zäitspan awer organiséiert ginn, falls sech eenzel Léit ëmmer erëm fir dës Formatiounen ageschriwwen hunn?

Am Fall, wou d'Centres de compétences keng eege Formatioun kënnen fir en Thema ubidden, versichen si d'Participanten, esouwäit ewéi dat méiglech ass, an externe Formatiounen anzeschreiwen an dann och d'Fraisen ze iwwerhuelen. D'Centres de compétences stinn den Entreprisë fir en Austausch zu néidege Formatiounen zur Verfügung a siche gemeinsam no Léisungssätz am Interêt vun de Betriber. D'Generaldirektioun fir Mëttelstand ënnerstëtzt dës Approche.

2. Zum Neistart Lëtzebuerg gehéiert och een ökologesche Volet. Esou solle Privatléit vu méi héije Subventiounen kënnen profitéieren, wann si d'Energieklass vun hirem d'Haus oder hier Wunneng wëllen opbesseren, zum Beispill duerch eng verbessert Isolatioun. Ginn an deem Kader scho Formatioune fir Handwierksbetriber organiséiert? Falls jo, wéi eng? Falls nee, firwat net?

Am Beräich Energieeffizienz bidden d'Centres de compétences elo scho mat hire Partner eng ganz Panoplie vu spezifesche Formatiounen un.

Am Kader vun der Initiativ « Clever wunnen » wäerten d'Centres de compétences zesumme mat hire Partner Formatiounen an deem Beräich verstärkt ubidden.

Am Kader vum Programm « Neistart Lëtzebuerg » sinn d'Centres de compétences am gaange fir eng Rei vun Handwierksbetriber entsprechend Projete virzubereeden, déi en temps utile bei der Generaldirektioun fir Mëttelstand wäerten agereecht ginn. Dooraus wäerten sech och nei Formatiounen entwéckelen, déi sech dann och erëm un all Handwierksbetriber wenden.